



► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet elo den Här Yves Cruchten d'Wuert.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).**- Jo, villmools Merci, Här President. Villmools Merci awer och, Här Kox, fir Ären exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport, deem absolutt näischt bäizeflécken ass. Dofir géif ech just gären den Accord vu menger Fraktioun ginn.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Jo, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Gesetz gi jo verschidden Turbulenzen elo zu Enn gefouert um Niveau vun der ANA. Ech wëll net méi zrëckgoen, mä et war jo virun e puer Joer do awer zu enger Rei Diskussiounen komm. Duerfir ass et gutt, datt mer elo déi Ännerungen hei virgeholl hunn, wat jo och mat sech bréngt, datt d'Personal op deemselwechten Niveau ka gehale ginn, dass se keng Acquisé verléieren.

Ech wëll och drop hiweisen, datt de Fluchhaff jo nach ëmmer an enger immenser Entwécklung ass, soudatt et wichteg ass, datt mer awer esou eng Administratioun hunn, déi fir eng ganz Rei vu Voleten zoustänneg ass. Den Här Kox, deem ech Merci soe fir säi Rapport, huet dat jo ganz extensiv hei virgeluecht.

Ech wëll vläicht kuerz op den Artikel 4 awer nach eng Kéier ze schwätze kommen, wat dem Minister jo d'Méiglechkeet gëtt, verschidden Aufgaben - „peut“, steet jo am Gesetz - un aner Societëiten ze delegéieren. Ech denken zum Beispill do un dat, wat d'Fluglotsen ubelaangt. Mir wëssen, datt et immens schweier ass hei zu Lëtzebuerg, fir Fluglotsen ze rekrutéieren. Mir sollten, mengen ech, bis d'Joer 2023 der an déi 36 rekrutéieren. Et ass awer schwierig, déi hei um Marché ze fannen.

Datt do d'DFS och eng Rei Aufgaben iwwerhëlt, dat fënnt eis Zoustëmmung. Mir waren eis dat jo deemools selwer ukucken. Ech géif soen, dat dréit och zur Sécherheet vum Fluchhafbetrëb ouni Zweifel bäi. Duerfir ass dat hei e gutt Gesetz, wat mir als Demokratesch Partei och kënne selbstverständlech ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Wagner.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Bon, mir wäerten eis bei dësem Projet de loi enthalen. An ech wollt d'Enthalung awer och begrënnen.

Et ass scho viles gesot ginn. Den Här Kox huet och e gudden Rapport gemaach, wou en och erkläert huet, wéi déi verschidden Attributione solle festgeluecht ginn. An ech mengen, en huet jo och gesot, dee Projet de loi ass 2015 deposéiert ginn. Dat ass schonn eng laang Zäit hanner eis. Et huet laang gedauert.

Et ware jo och eng Partie Konflikter an der Tëschenzäit. Ech wollt just nach dorun erënneren. Engersäits gouf et natierlech de Konflikt iwwert d'Radaren, wou et awer zu engem Happy End koom op eng gewëssen Aart a Weis. Et war e bëssen hefteg, mä mir sinn eis do och eens ginn.

Et war awer och en anere Konflikt. An ech erklären dat, well dat erkläert och e bëssen eis puer Problemer: de Sozialkonflikt och, deen nach am Dezember, also Enn 2016, stattfonnt huet beim Personal vu lux-Airport, wou et wierklech haart ass, wou trotz enger Augmentatioun vu 40% vum Trafic d'Personal net erhéicht gouf. D'Salairé goufen och net erhéicht. D'Direktioun hat souguer decidéiert, déi ze geléieren. Den Interim ass geklommen op bis 50%. Et si souguer Uschëllegunge komm vum Personal géintiwuer der Direktioun, datt Spionage géif bedriwwen ginn an esou weider an esou virun.

Et koom zu engem Konflikt. Et koom och zu enger Léisung an deem Konflikt, wat jo och eng gutt Saach ass, mä et därf een net vergiessen: Dat ass och alles eng Konsequenz vun der Liberaliséierungspolitik vum Himmel a vun deem, wat um Buedem ass, also vun de Fluchhäfen an der EU.

A mir si wahrscheinlech eng vun de rare Plazen op der Welt, déi dat ad absurdum dreift, schonn nëmmen, wat d'Fluchlinnen ugeet, wou natierlech eng Limitt do besteet vun effentlechtem Finanzement - ech mengen, et ass bei 35% vum Kapital, ech si mer net méi sécher - a wou ee selbstverständlech duerno de Kierzeren zitt, well aner Kompanië vun anere Länner op anere Kontinenter, déi sinn net esou domm. An do si Fonds-souverainen derhannert oder esou.

An déi geostrategesch wichteg Linnen, déi kënnen och meeschtens gutt gefouert gi vu Regierungen. Hei gëtt dat blockéiert. Hei muss een ëmmer Aktionäre fannen an esou weider an esou virun.

Mä, och wat den Aeroport ugeet, dat ass eng privat Societët, wou natierlech de Stat kompletten Aktionär ass, selbstverständlech, mä do gesi mer trotzdem: Och wann s de eng Société anonyme hues an och wann de Stat oder d'effentlech Hand majoritär ass - dee Problem hu mer och bei LuxTram; doriwwer schwätzen ech elo net, ech hu keng Zäit, mä et ass e bëssen äänlech -, da kann et zu groussen Derapagen an zu Sozialofbau féieren.

Ausser vläicht, mir hunn och eng Regierung, déi sech net scheid, fir ze soen: „Mir sinn Aktionär a mir intervenéiere strategesch an den Diskussiounen“, wat dës Regierung ni wëllt maachen; och bei LuxTram net. Wat e Feeler ass, well am Prinzip dierft et guer net esou wäit kommen, datt et zu engem Sozialkonflikt kënnt. Et dierft net esou wäit kommen, wann eng Regierung hir Aarbecht seriö mécht! A si misst kucken, wat d'Vertrieder vun der Regierung an deem Verwaltungsrot decidéieren an ob se eng gutt Aarbecht maachen. Wat an deem Fall net de Fall war!

Bon! Dofir, mir hunn e Problem prinzipiell. Deen heite Projet de loi ass awer - mir soen, ech hunn elo vill kritiséiert - eng gutt Ëmsetzung. Ech mengen, mir ënnerstëtzen... Mir kënnen net dergéint sinn, mä mir sinn awer prinzipiell géint de Prinzip vun der Liberaliséierung. Et ass zwar elo eng Ëmsetzung dovunner, déi gutt gelongen ass, mä mir si prinzipiell... Mir kënnen dat net cautionnéieren, datt mer eis an engem liberaliséierten Ëmfeld bewegen, och wat lux-Airport ugeet. An dofir wäerte mer eis an deem Sënn enthalen.

Voilà! Ech mengen, ech hunn alles gesot. An elo kann deen Nächsten drukommen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet den Nohaltegkeetsminister, den Här François Bausch, elo d'Wuert.

#### Prise de position du Gouvernement

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Merci och virun allem dem Rapporteur, dem Här Kox, fir säi gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport, an allen Deputéierte fir hir Stellungnamen.

Grouss Reformen, déi brauchen Zäit. Dat ass esou. Grouss Reforme ginn och meeschtens kontrovers diskutéiert. Dat ass och normal, dat ass och guer kee Problem. An dat heiten ass zwar nëmmen e klengt Gesetz, mä et ass awer am Fong ee Puzzlestéck vun enger grousser Reform, déi mer gemaach hunn, näämlech fir de Fluchhaff mat menger Gesellschaft, als Haaptgesellschaft, sengen Administratiounen ze restrukturéieren, ëmzebauen an e fit ze maachen, fir datt en, éischstens, der europäescher Gesetzgebung entsprecht, mä zweetens awer och, datt en esou opgestallt ass, datt en als Fluchhafen, well mir hunn nëmmen een, ka beschte oder gutt Viraussetzungen hunn, fir kënnen ze iwwerliewen.

Ech muss och soen, den Här Wagner huet elo just gesot, et wär e Sozialkonflikt gewiescht um Fluchhafen. Et waren der méi do. Et war ee bei lux-Airport an ee bei der ANA. Dee bei der ANA hat méi mat deem heite Gesetz ze ginn. Dee bei lux-Airport, deen hat villfälteg Grënn.

Ech wëll lech awer soen, datt et net richtig ass, datt d'Salären net gehéicht gi sinn, well de Kollektivvertrag bei lux-Airport, deen herno ofgeschloss ginn ass, ass e ganz gudden gewiescht mat Augmentatiounen tëschtent 3% a 4% vun de Salären. An de Fait, datt Personalmangel herrscht bei lux-Airport, dat ass och net, well lux-Airport kee wëllt stellen, mä dat ass, well de Fluchhafen effektiv déi lescht Joren eng Wahnsinnsdynamik hat.

Ech wëll awer nach eng Kéier drun erënneren, datt mer an deene leschte fënnef Joer vun zwou Milliounen Passagéier op dës Joer wäerten no un d'Veier-Milliounen-Grenz kommen. Also, mir hunn eng Verdueblung vun de Passagéier bannent fënnef Joer erlieft um Fluchhafen, mat villen neie Gesellschaften, déi komm sinn.

A lux-Airport geet et de Moment net anescht wéi ville privaten oder och effentleche Verwaltungen, Gesellschaften, Établissement-publicken: Et ass schwierig, Leit ze rekrutéieren. A wann op Sous-traitance zrëckgegraff ginn ass phasesweis bei lux-Airport, dann ass et, fir datt een de Betrib konnt oprechterhalen, well mer einfach d'Leit net fonnt hunn, déi gesicht gi si bei lux-Airport. Ech mengen, dat ass den Hannergrond.

Elo kéinte mer laang diskutéieren iwwer Sënn an Onsënn vu verschiddene Saachen am Kontext vun der Liberaliséierung vum europäesche Fluchraum. Do sinn ech gär bereet, dat eng Kéier ze maachen. Et géif awer haut, mengen ech, ze wäit féieren.

Op alle Fall, dat Gesetz vun haut huet net direkt eppes domat ze dinne; indirekt sécherlech schonn. Zum Beispill de Fait, datt mer hu missen eng Decisioun huelen, wien den Airport Operator gëtt, an datt mer do ee mussen nennen, dee responsabel ass fir de Gesamtflychhafen. Mir hunn eis decidéiert, fir lux-Airport dat maachen ze loossen, well dat einfach och méi Sënn mécht a well dat op där anerer Säit och déi staatlech Verwaltung ANA protegéiert, well déi dann net ënner kommerziell Recht fällt an hirem Fonctionnement an esou weider an esou virun. Dat heescht, do hu mer méi Spillraum oder méi Flexibilitéit bei der ANA.

Also, wéi gesot, mir hunn natierlech laang diskutéiert, haaptsächlech wéi mer och d'Decisioun geholl hunn, fir lux-Airport als Airport Operator ze nennen a well dat natierlech en Impakt hat, wéi een dat herno géif organiséieren, mä do hu mer awer eng Formule fonnt, déi och konform ass zu der europäescher Gesetzgebung, déi ons awer, mengen ech, all Flexibilitéit léisst, engersäits, an op där anerer Säit awer derfir suergt - an dat war meng Haaptsuerg ëmmer -, datt dee ganze Fluchverkéier vun enger staatlecher Verwaltung geregelt gëtt. Dat heescht, déi ganz Froe vu Sécherheet am Fluchberäich, datt dat bei enger staatlecher Verwaltung bleift.

Dat heescht, lux-Airport ass den Operator ginn. An iwwer sougenannten „service-level agreements“ - déi sinn awer virgesinn an der Direktiv - kann den Operator verschidde Fonctiounen vum Fluchhafen einfach sous-traitéieren.

A mir hunn am Fong hei eppes gemaach, wat e bëssen ontypesch ass, zumindest wann een d'Erfahrungswäerter an deene leschte Jore kuckt. Meeschtens war et ëmgedréit, ass et ëmgedréit gemaach ginn, dann ass sous-traitéiert ginn u Privatgesellschaften. Hei hu mir e Sous-traitement gemaach un eng effentlech Verwaltung. Ech mengen, dat misst lech jo erfreeën, datt mer dat gemaach hunn, zumindest an Arer Philosophie. Mä mir hunn dat awer hei gemaach, well et mir wichtig war, well et an deem dote Beräich, sécherheetsméisseg gesinn, mengen ech, wichteg ass, datt deen ënner effentlecher Hand bleift.

An, wéi gesot, dat heiten, déi Dispositiounen, déi hei am Gesetz sinn, déi droen deem Ganze Rechnung a waren och en Deel vum Accord a Versprieche, wat ech gemaach hunn am Kader vun der Conciliatioun un d'Gewerkschaften, déi bei der ANA sinn - dat ass d'Personalverriedung -, datt mer dat géife maachen. An ech sinn och duerfir frou, datt dat Gesetz haut eng breet Zoustëmmung kritt.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Ech géif soen, dass mer prett sinn, fir ofzestëmmen.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 6895 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6895 fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwuer.

58-mol Jo, 2 Abstentiounen. Domat ass de Projet de loi 6895 adoptéiert.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).

Se sont abstenus: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber mat der Dispens d'accord?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mer géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 7282, wou et ëm den Echangeur Diddeleng-Biereng op der A13 geet a wou de Plaffong gesprengt ginn ass, wou mer e Gesetz brauchen. An dat maache mer elo.

#### 4. 7282 - Projet de loi relatif au réaménagement de l'échangeur de Du-delange-Burange situé sur l'auto-route A13

##### Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.**- Ganz richtig, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Projet de loi 7282 bezitt sech op de Finanzement vum neien Echangeur Diddeleng-Biereng, deen d'Collectrice du Sud, d'A13, mat den uleienden Uertschaften an Aktivitéitszone verbënt a schonn zu engem gudden Deel realiséiert ass. D'Decisioun, dësen Echangeur ze bauen, geet zrëck op e regionaalt Verkéierskonzept, dat vun de Gemengen Diddeleng a Beetebuerg zesumme mat de staatlechen Instanzen ausgeschafft ginn ass, dës am Kader vun de Projete Multimodal an Eurohub, déi e grouse Camionstrafic an der ganzer Géigend generéieren.

Wat de Finanzement vun den Aarbechten ugeet, esou waren am Statsbudget vun 2010 schonn 38,6 Milliounen Euro fir de Projet virgesinn. Dëse Montant gouf dunn am Budget vun 2016 op 39,5 Milliounen Euro eropgesat, fir der Evolutioun vun de Käschte Rechnung ze droen. Wéi Dir wësst, huet dee Moment kee Gesetz missen ausgeschafft ginn, well de Budget nach ëmmer ënner 40 Milliounen louch.

Mëttlerweil huet sech awer erausgestallt, datt et och mat deenen 39,5 Milliounen net duergeet, well zousätzlech Aarbechten iwwert de Fonds des routes musse finanzéiert ginn. An zwar d'Entsuergung vun Asbest, deen um Site fonnt ginn ass, de Bau vun enger Brëttel op d'A13 an Direktioun Schengen, déi sech als ganz sennvoll erweist, d'Installatioun vu Lärmschutzwäll laanscht d'Autobunn an de Bau vun enger Vélospist, der PC8, déi ursprénglech net am Projet virgesi war. Alles an allem begräift dës Finanzéierungsgesetz elo de kompletten Amenagement vun der Voirie, de Bau vu véier Brécken a vun enger Vélospist, den Assainissement um Niveau vun der Waassergestioun a vum Asbest, de Lärmschutz an d'Kompenséierungsmoossnamen. Ugefaangen hunn d'Aarbechten am Mee 2014 a se gi viraussichtlech Enn 2020 ofgeschloss.

De Montant, dee mir mat dësem Projet de loi accordéieren, läit elo opgeronnt bei 51 Milliounen Euro.

Dir Dammen an Dir Hären, deposéiert gouf dës Projet de loi den 18. Abrëll 2018 vum Nohaltegkeetsminister François Bausch. Den Avis vum Statsrot staamt vum 26. Juni 2018 an huet keng gréisser Problemer geschaaft. Den 29. Juni 2018 huet d'Nohaltegkeetskommissioun sech mam Projet de loi befaasst, natierlech mat der Presentatioun vun allen Aarbechten. An de 5. Juli 2018 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Domat sinn ech schonn um Schluss ukomm a ginn den Accord vun der grénger Fraktioun mat engem Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Sylvie Andrich-Duval.

#### Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).**- Merci, Här President. Et ass e sechsäermegen, risegen Tëntefesch-Rond-point zu Diddeleng-Biereng, dee mer haut stëmmen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen. D'Josée Lorsché ass och elo grad am Detail drop agang. Dofir Merci hir fir hire gudden schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Dësen Turbo-Rond-point gëtt effektiv dréngend gebraucht, vu den enormen Trafic, deen an de leschte Joren an deem Eck opkoom. D'Logistiksaktivitéite vun CFL Multimodal an dem Eurohub si wuel wichteg fir eis Wirtschaft, mä si bréngen och intensive Camionsverkéier mat sech. Déi hunn zwar wuel eng eegen Zoufaart, parallel zur A13, der Collectrice du Sud, mä d'Opfaart op d'A13 fir nees eraus aus dem Site muss iwwert deen neie Rond-point goen. Den Accés zum nationale Gesondheetslabo mat der IBBL, der Integrated BioBank of Luxembourg, kritt och elo glécklecherweis eng eege Brëttel.



Zu de Spëttestonnen ass et awer besonnesch schlëmm, an dat trotz Ubannung un den effentlechen Transport, well et sinn och vill franséisch Grenzgänger, déi duerch Diddeleng respektiv Beetebuerg fueren. Emol nach net agerechent bei där Verkéiersetüd fir de Raum Beetebuerg/Diddeleng gouf deen zousätzleche Verkéier bei enger eventueller Nidderloossung vun där vill diskutéierter Juggurtsfabrik Fage. Do kéim beim Rond-point Hela eng ronn 15%-a beim Rond-point Diddeleng-Biereng nach eng kéier eng 7%-Méibelaaschtung derbäi.

E besonneschen Challenge ass dofir natierlech d'Liewensqualitéit vun de Bierenger Awunner. Si sinn net nëmme mat der Luuchtverschmottzung a mat dem Rangéierkaméidi vun dem Site CFL Multimodal geplot, mä och mam Verkéierskaméidi. Dofir begrëssen ech, dass d'Installatioun vun der 2,3 km laanger Schallschutzmauer am Kader vun deem Projet op der Säit vun de Wunnquartieren elo virgezu gëtt. Dat ass wierklech eng gutt Saach. An an deem Kontext ass jo och un d'Vëlofuerer geduecht ginn, déi elo eng Aart Iwwerführung do kréien.

Leider hu mer awer och de Problem vun dem Camionsverkéier ronderëm eng Tankstell zu Biereng nach net geléist, déi och den Här President relativ gutt kennt. An dofir wollt ech vum Här Minister wëssen, ob nach keng Léiung en vue wier vläicht hei um Site vun CFL Multimodal, wann en da meng Fro héieren huet, soss musse mer herno nach eng kéier drop zrëckkommen.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Den Här Minister gëtt just ofgelenkt.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV).**- Jo. Ech weess net, ob den Här Minister meng Fro héieren hat. Ech hat just gefrot weinst där Tankstell an der Entrée vun Diddeleng-Biereng, ob do eventuell schonn eng Léiung ugeduecht wär op dem CFL-Multimodal-Site, ob mer do iergendeppes en vue hunn.

E kleng Bemoll sinn déi zousätzlech onerwaart, mä néideg Käschen an dee finanziellen Zickzack, dee mer hei hunn. Bon, d'Aarbechten hunn effektiv schonn 2014 ugefaangen. A wa mer de Projet elo net haut géife stëmmen, risquéiert de Chantier, misse gestoppt ze ginn.

Ze hoffe bleift awer, dass den Timing elo kann agehale ginn, ouni och ze vill Verkéiersbehënnerungen. An, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, domat ginn ech gréng Luucht fir de Projet am Numm vun der CSV-Fraktioun, net ouni drun ze erënneren, dass de viregte Minister Claude Wiseler d'Viraarbechten heizou gelescht huet. An och net ouni der Verwaltung vun de Ponts et chaussées e Merci auszedrécke fir déi vill exzellent Aarbecht, déi se net nëmmen hei, mä och an hirer 175-järeger Geschicht fir Lëtzebuerg gelescht hunn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Nächste Riedner ass den Här Georges Engel.

► **M. Georges Engel (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Et ass dat e ganz wichteg Projet, dee mer haut hei stëmmen. Och wann ech dem Här Wiseler de Meritt ginn, datt en d'Viraarbecht gelescht huet, esou huet den Här Bausch de Projet ëmgesat a weidergedriwwen. Also de Meritt gëtt da gedeelt.

Déi Leit, déi eng kéier do gefuer sinn, déi wëssen, datt et eng ganz geféierlech Situatioun ass. An duerfir ass et och wichteg, datt déi hei remédiéiert gëtt. Et ass e ganz wichteg Projet, en dréit zur Fluiditéit vum Trafic bäi. An ech si frou, datt och un d'Vëlofuerer geduecht gouf mat der PC8. An domadder ginn ech dann den Accord hei vun der LSAP.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Gusty Graas ass un der Rei.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, wann et ee Raum gëtt, wou de Verkéier an deene leschte Joren extrem zougeholl huet, dann ass et ouni Zweifel am Raum Beetebuerg-Diddeleng. Dat huet och seng Ursachen. Wann een de Moment den Echangeur Biereng kuckt, dann ass et praktesch zu verschiddenen Zäiten onméiglech, fir do erofzefueren, wann een aus Richtung Käl kennt an et wëllt een herno a Richtung Beetebuerg fueren. Derbäi kennt natierlech, datt ganz vill nei Industrië sech do niddergelooss hunn - et ass virdu schonn hei gesot ginn: den CFL Multimodal, den Eurohub an esou weider -, soudatt onbedéngt huet misse eppes do geschéien op deem Echangeur.

Haut musse mer elo e Gesetz stëmmen, well mer eben iwwert déi Schwell vu 40 Milliounen kommen. Dat Gesetz ass selbstverständlech

vun eiser Säit aus ganz positiv ze gesinn. Et sinn e puer wichteg Aspekter dran. Ech wëll virun allem och op deen Écran antibruit hiweisen, deen elo virgesinn ass. Ech maachen awer da gläichzäiteg eng Parallell zu enger anerer Plaz, déi net wäit ewech ass, wou mer hei als Chamber eng Motioun gestëmmt hunn, Här Minister, ech wëll lech nach eng kéier kuerz drun erënneren, wat den Ausbau vun der Autobunn A3 ugeet, datt och do net soll vergiess ginn, deen Écran antibruit ze verlängere bis op de Krakelshaff, well mer dat, wéi gesot, deemools och hei als Chamber esou zrëckbehalen haten, obwuel et jo net am Projet dra war.

Dann ass och hei virgesinn, fir Kompensatiounsmoosnamen ze maachen, wat eben d'Zerstéierung vun engem gewëssene Gréngs ubelaangt. Och do muss een awer soen, datt mer eng schéin Allee hunn a Richtung Diddeleng eran. Hoffentlech bleiwen déi Beem och an Zukunft erhalen.

Dann d'Vëlospist ass schonn hei ugeschwat ginn. Et ass effektiv wichteg, datt déi do mat ugebonne gëtt. Ech muss och soen, datt deen een Deel vun der Vëlospist, deen elo realiséiert ginn ass vu Beetebuerg op Diddeleng, flott gemaach ginn ass, sech gutt integréiert, am Fong geholl e Modellbeispill ass, wéi eng Vëlospist soll laanscht eng Strooss gebaut ginn.

Vläicht dann nach eng lescht Remark, et ass virdu an der och schonn hei gesot ginn: Déi Verkéiersetüd do aus de Gemenge Beetebuerg an Diddeleng, déi jo elo och schonn e puer Joer fäerdeg ass, do sinn éischt kleng Moosname scho geholl ginn. Elo kann een net onbedéngt soen, datt een do scho grouss Repercussiounen ze spiere kritt. Ech mengen, och hei soll ee realistesche sinn. Déi Realisatioun vun deem Rondpoint hei wäert mat Sécherheet och net onbedéngt zu enger Verbesserung vun dem Verkéiersfloss an deem ganzen Eck do bäidroen.

Muer wäerte mer hei e Projet stëmmen, wat d'Ëmgeung vun der Gemeng Käerjeng ubelaangt. Ech wëll just drop hiweisen, datt et awer och nach aner Gemenge gëtt am Land, wou eng Ëmgeungsstrooss net vu Muttwëll wär. An dowéinst soll dat vläicht och net vergiess ginn. Dee Projet, dee mer muer stëmmen oder d'nächst Woch, ech wëll deen zwar elo net anticipéieren, mä do wäerte jo awer mat Sécherheet och gewëssen Agrëffer an d'Natur virgeholl ginn. Wann ech dann awer op eng Gemeng ze schwätze kommen, déi mer ganz no steet, do kéint eng Ëmgeungsstrooss gemaach ginn, ouni datt vill Agrëff an d'Gréngt, an d'Natur misse gemaach ginn.

Ofgesinn, wéi gesot, vun deene puer Remarken do, ass dat hei awer e gudder Projet, dee mer als Demokratesch Partei selbstverständlech ënnerstëtzen.

Ech soen lech Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Dann ass et um Här Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, och wann de Kolleeg Claude Wiseler eng gutt Viraarbecht fir dese Projet gemaach huet, mengen ech, huet een awer scho gemierkt, datt ee grénge Minister kennt, well et e Stroosseprojet ass, fir datt deen dann awer ka realiséiert ginn.

Dat hei ass awer e wichteg Projet, deen hei tëschtent Beetebuerg an Diddeleng gemaach gëtt. Ech mengen, dat hu scho Virriedner gesot, mer wësse vun deem permanente Stau, dee mer tëschtent Beetebuerg an Diddeleng hunn, deen ëmmer méi grouss gëtt. En ass elo praktesch bal iwwert de ganzen Dag.

Déi Verkéierssituatioun wäert nach vergréissert (veuillez lire: verschlëmmert) ginn eleng duerch den allgemenge Wuesstum, dee mer hunn, an och nach zousätzlech Entreprises, déi sech wäerten do an deem Eck niderloossen, ob dat elo d'Juggurtsfabrik ass oder, wann déi net kennt, dann eben eng aner Fabrik oder Firma, déi dohinnerkennt. Op jidde Fall wäert do nach zousätzleche Verkéier och ugezu ginn, soudatt de Problem, wat de Verkéier ubelaangt, ëmmer méi grouss wäert ginn.

Mat deem Projet, mengen ech, réaliséiere mer virun allem d'Op- an d'Offaarten, d'Zirkulatioun tëschent der Nationalstrooss Beetebuerg-Diddeleng an der Autobunn, well mer jo och wëssen, datt haut praktesch keen erop- oder eroffkennt mat där Verkéierssituatioun, déi do herrscht.

Et ass een onwahrscheinlech komplizéierte Projet. A wann een elo scho méintelaang gesäit, wann een derlaanschtftiert, wivill Aarbecht scho vu Ponts et chaussées do gemaach gëtt, a wann een de Plang kuckt, datt et am Fong e Rond-point ass mat sechs Accèsen - vu véier Stroossen, déi do sinn, an dann d'Accès fir op de Multimodal vun de CFL a fir an de Gesondheitslaboratoire eriwweezefueren -, esou gëtt dat keng einfach Situatioun. Mä et ass e riseg

Projet, deen do entsteet, wou mer et nëmme kënnen begrëssen, datt deen esou séier wéi méiglech gebaut gëtt.

Och wann en elo e bësse méi deier kascht, solle mer kengem e Virwurf maachen. Ech mengen, et sinn nei Wënsch komm, et sinn och Wënsch komm, wat d'Vëlospisten ubelaangt, déi mat realiséiert ginn. Et si Wënsch komm vun de Leit vu Biereng, déi jo och, wat de Kaméidi a wat d'Belichtung ubelaangt vum CFL Multimodal, belästegt ginn. Datt mer do eppes fir d'Liewensqualitéit vun deene Leit investéieren, schéngt mer nëmme eng normal Saach ze sinn, wann och doduerch de Projet méi deier gëtt.

Mir dierfen awer net mengen, datt duerch dese Projet de Stau Richtung Diddeleng géif ofhuelen, well hannert dem Rond-point ass nach ëmmer déiselwecht Situatioun. A mäi Virriedner huet et elo grad ugeschwat, ech hoffen, an ech menge mir alleguer, datt déi schéi Bamallee, déi vum Rond-point Richtung Diddeleng geet, bestoe bleift. Well och do, wa mer géifen d'Strooss méi nei maachen an der Entrée vun Diddeleng, si mer erëm op enger zweespureger Strooss, déi an Diddeleng erageet. Da maache mer iwwerhaupt näischt, wa mer do géifen déi Bamallee ewechmaachen. Duerfir muss déi Bamallee doudsécher do erhale ginn.

Dat gesot, Här President, wëll ech d'Zoustëmmung vun eiem Grupp zu deem wichtige Projet bréngen.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Dann huet den Här David Wagner d'Wuert.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Mir wäerten dee Projet och matdroen. Ee mini Bemoll: Ech wollt nach drun erënneren, datt trotzdeem de Statsrot net ganz frou war iwwert den Découpage procédural. Bon, mir kennen dat. Dat wollt ech awer nach eng kéier soen, datt dat suboptimal ass, mä trotzdem ënnerstëtze mer dee Projet, well mer en och fir richtig halen.

Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. Här Nohaltegkeetsminister, et ass nach net un lech. Ech hunn nach eng Wuertmeldung vun der Madamm Dall'Agnol.

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- Jo, Merci, Här President. Ech wëll awer hei op e puer Saache reagéieren.

Ech mengen, hei ass dauernd vu Bierenger Awunner geschwat ginn. Diddeleng besteet net nëmme aus Biereng. Hei sëtze genuch Diddelenger. Ech mengen, jiddwereen ass erlichtert, wann dee Projet do endlech fäerdeg ass. Och wann de Stau, wéi den Här Gibéryen richtig sot, sech net wäert opléisen, wann deen dote Projet fäerdeg ass, esou wäert et dach awer eng Erlichterung gi fir jiddwereen, deen déi dote Streck muss huelen, ob e Bierenger ass, ob en Diddelenger ass oder egal vu wéi enger Plaz aus dem Land e kennt. Wann dee Projet do fäerdeg ass, wäerte mer alleguerte sécherlech opootmen. An dofir ass en nëmme ze begrëssen.

Da gouf vun der Tankstell geschwat. Natierlech ass, mengen ech, all Mënsch hei Demandeur, dass déi Tankstell an deem Multimodal endlech Realitéit gëtt. Mä alleguerten déi Leit, déi déi Streck kennen, déi wëssen, dass et op der Lëtzebuurger Strooss zu Diddeleng méi wéi eng Tankstell gëtt. An ech mengen, Dir hutt richtig drop higewisen, dass net nëmme den Här President déi Situatioun gutt kennt, mä d'Verkéiserschäffin vun Diddeleng kennt se och gutt! A mir sollen och net...

► **Plusieurs voix.**- Wien ass dat?

► **Mme Claudia Dall'Agnol (LSAP).**- A mir sollen och net maachen...

(Brouhaha)

Momentan hu just ech d'Wuert, géif ech emol mengen. Mir sollen och net maachen, dass, wann déi Tankstell an deem Multimodal muer Realitéit ass, dann domat och all Problem geléist wär vun enger Tankstell - an ech betounen et, vun „enger“ Tankstell -, déi Misär mécht. Dat sinn d'Camionen, déi verloossen d'Transitstreck. An do kann de Minister eis elo soen: Déi Tankstell an deem Multimodal, déi ass muer Realitéit. Dat si meeschtens keng Camionen, déi aus deem Multimodal kommen. Dat sinn, wéi gesot, Camionen, déi gezielt heihinner tanke ginn. An ech mengen, wann ech soen, si verloossen d'Transitstreck, da sinn déi Eenzeg, déi hei iwwerhaupt kënnen eppes maachen, d'Police.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Elo huet den Nohaltegkeetsminister d'Wuert.

**Prise de position du Gouvernement**

► **M. François Bausch, Ministre du Développement durable et des Infrastructures.**- Merci, Här President. Merci hei och der Rapportrice an allen Deputéierte fir hir Stellungnahmen.

Natierlech léisen d'Staue weder zu Beetebuerg nach am ganzen Eck nach am Land sech op duerch deen heiten Echangeur. An natierlech wäerte mer och an deenen nächste Joren nach misse déi eng oder aner Stroosseninfrastruktur bauen. Et hänkt natierlech just dovun of, wéi mer déi Stroosseninfrastruktur wäerten notzen, wat mer wëllen do dropelëen, ob et eis drëms geet, méiglechst vill Autoen dropzeleëen oder méiglechst vill Leit hin an hier ze deplacéieren. Dat ass déi grouss Fro, déi mer eis musse stellen: Wéi notzen ech meng Capacitéiten, déi ech schafen?, ob et d'Strooss ass oder d'Schinn ass oder wat och ëmmer.

Mä dat hei ass awer, muss ech soen, e wichtige Projet. An et ass och net esou, datt hei Saucissonnage gemaach gëtt, dat wëll ech och soen. Dat kéint ee mengen, wann een effektiv den Ursprungspräis kuckt vun 38,6 Milliounen, deen hei veranschlagt gi war zu der Zäit vu mengem Virgänger. Mä ech muss soen, dat huet een oft. Da sëtzt een do als Minister, wann e Projet no bei 40 Milliounen kennt. Wann en ze vill no drukënt, hunn ech och schonn d'Tendenz, ze soen: Kommt, mir maachen awer e Projet, well een natierlech ganz séier duerch iergenden Imprevu iwwer 40 Milliounen ass.

Bon, hei war den Imprevu den Desamiantage vun enger Bréck. Dat ass e groussen Deel vun engem Käschtepunkt. Elo ass et eleng dowéinst schonn iwwer 40 Milliounen gaangen. A well déi Bréck hei huet misse desamiantéiert ginn an dunn de Präis iwwer 40 Milliounen gaangen ass, hu mer dunn natierlech gesot, okay, vu datt eng Rei aner Projekte wéi déi Vëlospist respektiv och nach eng zousätzlech Opfaart an der Pipeline waren, hu mer dunn déi direkt hei mat dragesat a méi e komplette Projet gemaach. Esou wéi Der en och elo hei virleien hutt. An ech mengen, et war och richtig, dat esou ze decidéieren.

Ech wëll och direkt soen, datt keng Verspéidung kennt am Chantier doduerch. Ech mengen, ech war jo och heimadder an d'Budgetkontrollkommissioun komm. An ech war och frou, datt an der Budgetkontrollkommissioun unanimement decidéiert ginn ass, datt mer solle weiderfuere mat der Aarbecht, well ech hu gläichzäiteg parallel de Gesetzesprojet deposéiert, an haut, wann ech dat hei richtig verstanen hunn elo un den Aussoen, gëtt e jo unanime ugehall.

Zu der Fro mat der A3: Wat geschitt mat der A3? Dir hutt déi Motioun gestëmmt. Den Här Graas huet dat gefrot mat dem Schallschutz. Dat maache mer. Dat hunn ech deemools jo och gesot. Dat musse mer kucken. Dat huele mer wahrscheinlech dann iwwer en anere Wee, vläicht geet et och mam Budget vum Projet selwer duer. Dat musse mer gesinn. Dat ass nach e bëssen ze fréi, fir dat anzuschätzen. Mä et ass richtig, datt dat wichteg ass, datt dat gemaach gëtt, well et kennt jo nach eng zousätzlech Belaaschtung op deem Tronçon derbäi. Dat ass déi nei Beetebuurger Eisebunnstreck. Alles dréit zum Kaméidi bäi. Och en Zuch mécht Kaméidi. An duerfir ass et wichteg, datt de Schallschutz op engem groussen Deel vun deem Tronçon tëschent Beetebuerg a Lëtzebuerg do gemaach gëtt.

Dann ass och ze soen, déi Tankstell, déi gëtt gebaut; dat ganz sécher. Mä d'CFL hat Schwierigkeiten am Kader vun der europäescher Ausschreiwung. Mir hu leider misse eng europäesch Ausschreiwung maachen. Mir hate gemengt, mir géifen derlaanscht komme weinst der Spezifisitéit vum Projet hei, an dat ass awer net de Fall. An duerfir ass Verspéidung komm beim Projet. Mä se gëtt gebaut.

Et ass allerdéngs richtig: Déi Tankstell um Site ass fir d'Camionen um Site. Dat léist eis net de generelle Problem vun de Camionen, déi tanke ginn an der Region. Ech mengen, do gëtt et wahrscheinlech aner Weeër, déi mer eng kéier mussen aschloen zu Lëtzebuerg, wéi un den Tanktourismus zum Beispill erunzegoen. Mä ech mengen, datt ass jo eng aner Diskussioun. An do geet eis meeschtens séier de Courage aus, wa mer doriwwer mussen diskutéieren.

Mir bekloen eis op där enger Säit ëmmer iwwerall iwwert de Camionsverkéier, dee mer hunn, dee vill duerch Tanktourismus kennt. Mä op där anerer Säit, wann et dann awer drëm geet, dat waarmt Eisen unzepaken, da gëtt de politesche Courage manner grouss, fir dat unzegoen, well mer jo och wëssen, wat dat heescht fir de Statsbudget. Duerfir, et ass jo eng Etüd vun der Madamm Dieschbourg an deser Legislaturperiod elo ofgeschloss ginn. Do stinn d'Zeenarioen dra beschriwwen. Do musse mer da kucken an der nächster Legislaturperiod, wat fir ee vun deenen Zeenarioen do



unzwenden ass. Mä dat gesi mer dann no de Wahlen.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da si mer prett, fir iwwert de Projet 7282 ofzestëmmen.

## Vote sur l'ensemble du projet de loi 7282 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

60-mol Jo: Domat ass de Projet de loi 7282 mat Unanimitéit ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofering, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott unzefroen?

## (Assentiment)

Merci. Dann ass dat och esou decidéiert.

An da komme mer zum nächste Projet, dem Projet 7285 iwwert de Reamenagement vun der Rue des Scillas. An d'Madam Lorsché huet d'Wuert als Rapportrice.

## 5. 7285 - Projet de loi relatif à la réalisation du pôle d'échange Howald et du réaménagement de la rue des Scillas

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng), rapportrice.** - Villmools Merci. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir komme vum Süden an den Zentrum. De Projet de loi, deen ech heimat virstellen, ass geduecht, fir d'Mobilitéit an a ronderëm d'Quartiere vu Bouneweg, Houwald, Midfield a Ban de Gasperich nohaltege ze verbesseren. Wéi néideg dat ass, dat weess jiddwereen, deen eemol do ënnerwee war.

Kuerz gesot, geet et bei dësem Finanzéierungsgesetz ëm de Bau vum Pôle d'échange Houwald an ëm de Reamenagement vun der Rue des Scillas, déi zum Pôle d'échange féiert. Fir datt den Tram an enger nächster Phas vu Bouneweg a Richtung Cloche d'Or a Kockelscheier ka fueren, gëtt vun den Aarbechte profitéiert, fir d'Rue des Scillas mat der Assise vum Tram auszustatten.

Derbäi kommen déi néideg Spure fir d'Autoen an d'Bussen an déi néideg Weeër fir d'Vëloen an d'Foussgänger. De Fait, datt d'Assise vum Tram an d'Strooss integréiert gëtt, féiert iwwergens net dozou, datt d'Strooss méi breet muss ginn, ganz einfach well d'Assise vum Tram eng Busspur kann ersetzen.

Ënner anerem enthält dëse Projet de loi och de Finanzement vun engem neien Tunnel mam Numm Rangwee, deen en zentraalt Element duerstellt am Hibleck op eng besser Gestiou vum Trafic op der Kräizung tëschent dem Boulevard Kockelscheier an der A3/B3 an der Rue des Scillas.

Ervirhiewe wëllt ech och de Bau vun enger ganz origineller Bréck, déi d'Form vun engem Y huet an d'A3 iwwerquert. Dës Bréck schafft net nëmme Plaz fir d'Assise vum Tram, mä och fir d'Mobilitéit douce a stellt eng Verbindung hier zum Ban de Gasperich an zum Quartier Midfield. No der Fäerdegstellung vun dëser Bréck gëtt déi bestoend Bréck um Echangeur Gasperich dann demontéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Realisatioun vun deem ganze Projet ass natierlech un déi verschidde Phase vun der Mise en service vum

Tram gebonnen a bezitt sech méi speziell op d'Phas 3. Dës Phas enthält insgesamt eelef baulech Moosnamen, déi am Document parlementaire mat allen Detailer an technesche Finessen ze fanne sinn. Ech ginn a mengem mëndleche Rapport net méi wäit drop an, well et wierklech méi einfach ass, sech d'Biller unzucken.

E wichtege Bestanddeel vun deem Ganzen ass natierlech och de Pôle d'échange Houwald mat enger Gare routièr vum aacht Quaien, déi eng gutt Kombinatioun vu Bus, Tram an Zuch wäert erluben. Mat der Fäerdegstellung vun der Beetebuerger CFL-Streck wäert dës Site nach optimiséiert ginn, an zwar doduerch, datt op der Gare Houwald e weidere Quai fir d'Zich wäert entstoen.

Wat de Finanzement vun deem ganze Projet ugeet, esou gi mat dësem Projet de loi insgesamt 130 Milliounen Euro zur Verfügung gestallt. Dee gréissten Deel dovun bezitt sech op de Bau vun de sougenannten Ouvrages d'art, mam Bau vum neien Tunnel Rangwee a mam Bau vun neie Brécken an Ënnerquerungen, déi insgesamt mat bal 60 Milliounen Euro chiffréiert sinn.

Fir méi Detailer a puncto Finance verweisen ech op d'Fiche financière, an där sämtlech Depensen am Detail opgelëscht sinn, inklusiv den Exploitationskäschten, déi net Bestanddeel vun dësem Finanzéierungsgesetz sinn.

Deposéiert gouf dës Projet de loi den 18. Abrëll 2018 vum Minister François Bausch. A sengem Avis vum 26. Juni 2018 huet de Statsrot sech positiv dozou geäussert. Den 29. Juni 2018 hu mer eis an der Nohaltegkeitskommissioun mam Projet befaasst an de 5. Juli 2018 huet d'Kommissioun mäi Rapport eestëmmeg ugeholl.

Wéi ëmmer wëllt ech de Responsabele vu Ponts et chaussées an den CFL zum Schluss e grouse Merci ausdrécken an lech alleguer fir d'Nolauchteren, mam Accord vun der grénger Fraktioun.

### ► Une voix. - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An éischte Riedner ass den Här Marc Lies.

### Discussion générale

► **M. Marc Lies (CSV).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop wëll ech der Rapportrice, dem Josée Lorsché, Merci soe fir hiren ausféierleche Rapport iwwert dës Projet de loi 7285.

Dir Dammen an Dir Hären, viru sechs Méint hu mer hei d'Verlängerung vun der Tramsstreck vun der Gare centrale bis op d'Cloche d'Or gestëmmt gehat. Fir datt awer den Tram iwwerhaapt an deenen nächste Joren eng Kéier ka bis bei deen neie Stadion respektiv bis op d'Cloche d'Or fueren, muss och dësen Tronçon an der Rue des Scillas gebaut ginn. De Module „Nord“, dee gouf virun zwee Joer praktesch op den Dag genau och hei an der Chamber gestëmmt. Mä de Module „Central“, also den Ëm- an den Ausbau vun der Rue des Scillas ass erfuenderlech, fir datt och an Zukunft den Tram an déi Richtung ka fueren.

Ech mengen, dëst ass een extrem komplizéierten Deel, wat de Bau an den Ëmbau ugeet vun der besteender Strooss, well eng ganz Partie Propriétéit ronderëm sinn, well effektiv och nach Betriber do sinn, déi fonctionnéieren, an do ass de Problem notament deen, datt eng Rei vun Emprisen do muss geholl ginn. Dat sinn net manner wéi 1 Hektar an 59 Ar, déi a Privatbesëtz sinn. An do wollt ech de Minister eng Kéier froen, wéi wäit datt de Stat ebe mat den Negociatiounen, wat dës Emprisen ugeet, ass.

Wéi d'Rapportrice scho gesot huet, sinn et eng ganz Partie Aarbechten, déi hei wäerte gemaach ginn. Ech wëllt hei vläicht ergänzend soen, datt och een zweeten Tüb, dat heescht eng zweet Zoufaart a Richtung vum Rond-point Gluck nach hei matgebaut wäert ginn. Dat heescht, een zweeten Tüb duerch den Tunnel Rangwee. Verluucht wäert och d'Drosbech ginn, de Baachlaf, dee momentan nach ënner enger privater Propriétéit duerchleef. Am Kader vun den Aarbechte soll dann och d'Drosbech an een anert Bett geluecht ginn, soudatt an Zukunft do dës Baachlaf net méi duerch privat Propriétéite wäert lafen.

Wat wichteg ass, wat virun och scho gesot ginn ass, ass déi Konnexioun vun der Strooss, dat heescht deen Y iwwert d'Autobunn, wou notament dann och fir déi duuss Mobilitéit eng Infrastruktur geschafe gëtt, wou een an Zukunft kann a Richtung vun dem CNIS an awer och vum Lycée Vauban fueren an natierlech awer och dann direkt a Richtung vun deem neie Park, dee vusäite vun der Stad Lëtzebuerg zu Gaasperech wäert gebaut ginn.

Do hätt ech eng aner Fro, och un de Minister, ob et net eventuell unzedenke wär, fir d'A3

zousätzlech ze iwwerdeckelen. Domat kéint ee vläicht an Zukunft och nach aner Infrastrukturen dohinnerbauen. Beispillsweis kéint een undenken, do ee Parkhaus eng Kéier ze bauen, vu datt dat relativ no beim Lycée Vauban läit an awer och beim CNIS, a fir eventuell do direkt eng Opfaart vun der A3 ze maachen, fir vun dësem Parkhaus kënnen ze profitéieren.

Dëse Secteur, de Ban de Gasperich an awer och d'Zone d'activité um Houwald, dee wäert an Zukunft iwwer ee Modal Split 40/60 ugeduecht sinn. Dat heescht, datt déi duuss Mobilitéit soll extrem an dësem Baugebitt gefërdert ginn. Hei hätt ech och nach eng Fro respektiv Suggestioun, wat déi duuss Mobilitéit ugeet: Wann eben deen zweeten Tüb gebaut gëtt fir a Richtung vum Rond-point Gluck, datt och do gekuckt gëtt, datt déi Zoufaartsméiglechkeeten, ob elo fir e Cyclist respektiv fir ee Foussgänger, a Richtung vun deem neie Park op Starter Säit, also zu Gaasperech, dann och fir déi Houwalder Leit vum Plateau Houwald natierlech méiglech soll sinn.

D'Assise vum Tram wäert an Zukunft relativ no laanscht verschidde Privatpropriétéiten an der Rue Auguste Scholer féieren. An hei och, ech mengen, dat wor awer och schonn oder ass am Projet mat virgesinn, datt een adequate Schallschutz soll ronderëmgebaut ginn. Och ass et wichteg, a Kontakt ze bleiwe mat der Noperschaft, mat de Leit, déi ronderëm wunnen, fir hinnen déi Angscht virun dësem Ouvrage ze huelen.

Zum Schluss wëllt ech nach froen, vu datt mer virun zwee Joer de Module „Nord“ vun der neier N3 hei gestëmmt haten, wéini dës Aarbechte sollen ugoen, wéi laang datt se wäerten daueren an dann awer och, wéini gegebenensfalls elo d'Aarbechte vum Module „Central“, also hei vum Ëm- an Ausbau vun der Rue des Scillas, kënnen ugoen. A last but not least och nach eng Kéier d'Wichtigkeet vun dem Module „Sud“, dat heescht de Contournement d'Alzingen, hei ervirhiewen. Vu datt dës Strooss vital ass fir d'Awunner aus der Gemeng Hesper an och fir d'Awunner aus de Gemenge ronderëm, duerfir kann de Minister eis vläicht och do soen, wou d'Avisen dru sinn a wéini beschtefalls mat der Consultation publique ze rechnen wär.

An dësem Sënn wëll ech och all deene Leit, déi hei un dësen Aarbechte matbedeelegt sinn, ee ganz grouse Merci soen a ginn heimat och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An dann huet d'Wuert den Här Yves Cruchten.

► **M. Yves Cruchten (LSAP).** - Merci, Här President. Ech géif dann och ufänken an der Madamm Lorsché villmools Merci soe fir hire Bericht.

Ech mengen, dass et sech hei net ëm eng Klengegekeet handelt, dat gesi mer alleguerten direkt am Ufank vum Text. Wa mer gesinn, dass et sech awer ëm e Projet handelt, deen 130 Milliounen grous ass, da wësse mer, dass vill do geschaff gëtt. A mir mussen wëssen, dass et och néideg ass, dass vill do geschaff gëtt, an d'Mobilitéit investéiert gëtt am Süde vun der Stad Lëtzebuerg, déi an engem grouse Wandel ass.

Wa mer wëssen, dass an deenen nächste Jore 25.000 weider Aarbechtsplaze wäerten entstoen, esou vill Dausend nei Logementer, esou vill nei Awunner, dann ass et wichteg, dass mer eis matzäite Gedanke maachen, wéi mer do d'Gestioun vum Trafic, awer och vun alle méigleche Formen vun der Mobilitéit kënnen maachen. An duerfir ass et gutt. An de Minister gradesou wéi d'Regierung ass fir dee Projet hei ze felicitéieren.

An ech ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Da kritt den Här Lamberty d'Wuert.

► **M. Claude Lamberty (DP).** - Här President, de Projet, dee mer haut stëmmen, ass e weidert Element, ech géif souguer soen en immens wichteg Element am Gesamtkonzept wat d'Mobilitéit fir d'Leit, déi aus südlicher Richtung an d'Stad Lëtzebuerg erakommen, ubelaangt. Dat wichtegst Puzzlestéck huet souwuel Auswierkungen op déi verschidden Infrastrukture wéi awer och op d'Gewunnechte vun de Leit a wäert d'Basis si fir gréisser Verännerungen, och optescher Natur, vun dësem Houwalder Quartier.

An de leschte Méint konnt een hannernt dem Houwald déi wuel gréisste Verännerung vun engem Quartier hei am Land mat eegenen Ae quasi beobachten. D'Eropwuesse vum Ban de Gasperich mat den neien Infrastrukturen ze erliewen, ass net just spektakulär, mä bréngt och immens Neierungen an Erausforderunge mat sech.

Dass also d'Rue des Scillas elo quasi eng Neiausrichtung brauch, fir deenen Erausforderunge gerecht ze ginn, ass nëmme logesch a liicht, mengen ech, och total an.

Ganz besonnesch d'Awunner aus der Gemeng Hesper, méi präzis déi vum Houwald, déi dës Strooss, also d'Rue des Scillas, bis dato als vill befuereen an awer éischter kleng bis mittelgrous Strooss erlieft hunn, mat Entrepreneuren, Supermarchéen, Geschäfte, Sportsinfrastrukturen a Parkingsméiglechkeeten, wäerten an den nächste Joren Zeie gi vun enger regelrechter Neigestaltung, jo, enger anerer Opdeelung mat neiem optesche Look an awer och mat neie Méiglechkeeten a Chancë vu Wunraum, vun Akafsméiglechkeeten a besonnesch Mobilitéitsvirdeeler, déi dës Projet mat sech bréngt.

Mat der Arrivée vum Tram an d'Gemeng Hesper, präzis op den Houwald, mam Ausbau vum Park & Ride, mam Fäerdegstelle vun der Gare Houwald, mam Fërdere vun der Mobilitéit douce gëtt mat dësem Deel e wichteg a richteg Ausrufezeeche gesat.

Hei sief och déi Bréck erwänt, deen Y, deen do opgeriicht gëtt, fir quasi den duusse Verkéier, d'Mobilitéit, déi duuss Mobilitéit an d'Quartieren eranzekréien, esou wéi och de Marc Lies et elo scho gesot huet, fir bei de CNIS ze kommen, fir bei de Lycée ze kommen, fir bei de Park ze kommen, wou och d'Houwalder Awunner hoffentlech an Zukunft gutt ugebonne kënnen dervu profitéieren.

Aus dem bekannte Rond-point Gluck gëtt mat dësem Projet eng gréisser Kräizung geschafen. Och dat wäert fir Neierungen a Verbesserung suergen a schreift sech an an d'Gesamtkonzeptioun vun der Neigestaltung vun der südlicher Entréedier an d'Stad Lëtzebuerg.

Nodeems mir virun zwee Joer op dëser Plaz schonn en éischte wichtege Deel vum Reamenagement vun der Süddier gestëmmt hunn, mam Pôle d'échange Bouneweg, geet et dann haut, wéi gesot, ëm de Pôle d'échange Houwald. Wann e bis operativ fäerdeggestallt gouf, kann de Passagéier hei quasi op all denkbare Verkéiersmëttelen zréckgräifen. Op dës Pôle d'échange komme beispillsweis effektiv net manner wéi aacht Busquaien.

Säit Enn 2017 fuere jo och schonn Zich vun der Gare Houwald. A wann alles do fäerdeggestallt ass, wäert den Houwald ee vun deene wichtegste Punkten am Zuchplang vum Land sinn. D'Zuchgare ass also e Kärelement vum Gesamtkonzept. Den Tram wäert fir schnell a fir vill Mouvementer suergen. D'Autobunn verleeft quasi niewendrun, fir net ze soe matten derduerch, an de Park & Ride gëtt em méi wéi 600 Plazen ausgebaut. Aus der Rue des Scillas gëtt e Boulevard mat zweemol zwou Bannen.

Dir gesitt, et ass méi wéi just en neie Look par rapport zu haut; éischter eng komplett Neigestaltung mat engem neie Konzept.

All dës Mesuren droen näamlech derzou bäi, Alternativen - gutt Alternativen! - zum individuellen Autosverkéier eran an de Stadkär vun eiser Haaptstad unzëbitten an de Leit d'Méiglechkeet ze ginn, sech besser a méi bequem fortzebewegen, an dat op verschiddenst Weeër, mat ënnerschiddleche Verkéiersmëttel, wéi Bus, wéi Tram, wéi Zuch, wéi Vélo, awer natierlech och net den Auto komplett ze vergiessen.

Dës Mesuren droen och derzou bäi, de Verkéier aus de Wunnquartieren eraus bei dës peripheren Strukturen ze kanaliséieren. Besonnesch den Amenagement vun der Rue des Scillas, mat allen Neierungen, déi ech elo beschriwwen hunn, mécht et méiglech, och en Deel Verkéier aus der Route de Thionville erauszekréien a Richtung Park & Ride respektiv Pôle d'échange Houwald.

Esou frou ech sinn iwwert d'Weiderkommen an dësem Projet, dee jo a verschidde Phasen opgedeelt ass, haut si mer bei der Phas 3, wéi ech awer déi Phas net vergiessen, déi fir mech essenziell wichteg ass a bleift, dat ass déi Phas, fir dass Hesper net total am Verkéier stoe bleift an hänke bleift. Hesper brauch de Contournement. Nëmme dann ass dat, wat haut hei gestëmmt gëtt, och a senger Gesamtheit als Erfolg ze gesinn.

Dovun ofgesinn, wëll ech nach eng Kéier ënnersträichen, dass dës Projet eng wichteg Etapp an e wichteg Element an der Entwécklung vum Süde vun der Stad an de Gemenge ronderëm duerstellt. Wann e bis Realitéit ass, wäert sech viles zum Gudde verännert an d'Liewensqualitéit, d'Gewunnechten an d'Mobilitéitsoffere vun de Bierger verbessert hunn.

Och wann een esou e grouse Projet net iwwer Nuecht realiséiert kritt, ass et fir eis als Demokratesch Partei awer essenziell, dass alles druge-